
Syndicat intercommunal

B.P. 6
L-9801 HOSINGEN

Housen am Mäerz 2019

**un all d'Veräiner an Associatiounen
aus de SISPOLO -Gemengen**

**<u>Note Flyeren an der Schoul</u>**



Dir organiséiert eng Manifestatioun fir **Kanner**, a wëllt gär ee Flyer an der Schoul am "Parc Housen" verdeelen, dann ass dat ënner folgende Konditioune méiglech :

**1) Ween dierf dat**

Am Prinzip all d'Veräiner an Associatiounen aus de SISPOLO-Gemengen (Parc Housen a Pëtschent). D'Offer gëllt net fir Privatpersounen oder Betriber oder fir all aner geschäftlech Zwecker.

**2) Fir wéi eng Veranstaltunge geet dat**

D'Offer adresséiert sech exklusiv u Veranstaltungen oder Bräich déi sech un d'Schoulkanner riichten oder déi am Sënn vun de Kanner oder der Schoul sinn. Et gi keng Flyere verdeelt fir all aner Zorte vu Fester oder Baler oder vu kommerziellen Aktivitéiten.

**3) Wéi ass den Oflaf**

Dir presentéiert eng Epreuve vun ärem Flyer per Mail dem SISPOLO Sekretariat op folgend Adress : secretariat@sispolo.lu. Dir kritt dann zäitno Bescheed gesot op äre Flyer de Kritären entspréicht fir dierfe verdeelt ze ginn.
**<u>Opgepasst :</u> Um Flyer dierfe keng Reklammen drop sinn!**
Duerno mailt de SISPOLO lech eng Lëscht mat de Klassen an den Effektiver / Klass.
Dir gitt dann är Flyere fäerdeg ofgezielt pro Klass beim SISPOLO (Sekretariat oder Service Technique) of a mir verdeelen se dann an der Schoul.

**4) Wat geet net méi**

Selwer Verdeele vu Flyeren an der Schoul - d'Schoul ass <u>zou</u> fir all net autoriséiert Persounen.

Fir de SISPOLO
De President
Romain WESTER

2, Parc L-9836 Hosingen Tel. : 92 95 98 –323 *(Secrétariat)* – 325 *(Recette)*
Fax: 92 95 98-335 www.sispolo.lu secretariat@sispolo.lu